

éiert hien, dass hien och souwuel an de Sëtzunge vun der Comexbu, wéi och haut de Mëtten, d'Verantwortung dréit fir dat, wat an deene Joren 2002, 2003 vläicht och op eng aner Aart a Weis hätt kënne goen.

Mä et soll elo emol deen d'Hand hei hiewen, deen en exekutive Mandat beim Stat oder an de Gemengen huet an hien dovunner iwwerzeegt wär, dass hien ëmmer alles perfekt gemaach hätt, an dass all seng Décisiounen ëmmer genau déi richteg waren. Ech mengen, dass ausser vläicht d'Kollege vun der ADR, keen heibannen ass fir vu sech esou süffisant iwwerzeegt ze sinn, fir dann d'Hand kënne ze hiewen. Dofir hunn ech deem, wat de Kolleeg Ben Fayot gesot huet, net vill bäizefügen.

Ech menge mir hunn an der Comexbu den État des lieux vum Projet gemaach. Mir hu festgestallt, dass d'Regierung scho laang décidéiert huet, fir och e Gesetzesprojet heihinner ze bréngen, dass mer - an ech mengen dat ass eng Äntwert op dee leschte Riedner - eis ganz fréi, nodeem mer den Audit décidéiert hunn, décidéiert hunn, fir einfach den Dossier eng Kéier à plat ze leeën, an dass mer eis déi qualifizéiert extern professionell Beroder ginn hunn ënnert der Form vun der KPMG an duerno och ënnert der Form vun engem Projektmanager, fir de Projet elo zu Enn ze féieren, deen effektiv vun allen Operateuren, ouni Ausnahm, am öffentlechen Transport er-bäigewëncht gëtt. Et ass also net richteg, dass hei déi Sue verbroden. Déi Sue wäerte sënnvoll ëmgemat kënne ginn, wann de Projet bis zu Enn gefouert ginn ass, well da stellt e wierklech e Quantessprung duer an der Attraktivitéit, déi mer am öffentlechen Transport de Leit kënne bidden.

Ech wëll iwwregens soen, dass mer och schonn an engem aneren Dossier, an deem mer amgang sinn ze schaffen, déiselwecht Aart a Weis, déiselwecht Method och uwenden. Dat ass dee fir d'Installéierung vun de Radaren, wou mer och eis e Projektmanager an eng extern Hëllef ginn hunn a Form vun där franséischer Sociétéit, déi a Frankräich d'Radaren installéiert an d'Konzept ausgeschafft huet, fir also och do vun Ufank u professionell an eng Richtung ze goen.

Ech wëll awer ofschléissend och soen - ouni kënne ze beuerteelen wéi deemools 2002 an 2003 Décisiounen geholl gi sinn -, dass ech mengen, dass den Henri Grethen säint dozou gesot huet, an dat sollte mer dann och respektéieren.

Ech wëll awer gläichzäiteg soen, dass ech elo hei och net wëll hunn, dass am Raum

stoe bleift wéi wann iergendwellech Fonctionnaires innerhalb vum Ministère des Transports dann iergendwéi Dysfonctionnementer ze veräntweren hätten. Ech ginn einfach emol haut dovun aus, dass och si am gudde Glawe gemengt hunn dee Projet ze maîtreséieren, souwuel konzeptuell wéi och finanziell, an och haut musse feststellen, dass dat net de Fall ass.

Mä ech mengen, fir elo mam Fanger eesäiteg op si ze weisen, dat wär et sech dann awer och e bëssen ze einfach gemaach. Dee Projet ass net gutt gelaf, et ass elo nach ëmmer gutt Zäit, fir dat richteg ze maachen an esou wéi d'Comexbu et décidéiert huet, sech dann och an Zukunft Leitlinnen ze gi fir all eenzel Ressorten, well mir si jo mat esou gelagerte Projeten net eleng op dëser Welt, esou dass mer an anescht gelagerte Projeten dann och versichen déi Konsequenzen an déi Léieren aus deem ze zéien, wat hei falsch gelaf ass.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dës Motioun.

Vote

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Marie-Josée Frank), Norbert Hauptert (par M. Lucien Clement), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Christine Doerner), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Laurent Mosar), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Sylvie Andrich-Duval);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Romain Schneider), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmingier, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Claude Meisch);

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

D'Motioun ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen.

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour ass haut d'Diskussioun iwwert de Projet de loi iwwert de Minett-Kompost. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Negri.

5. 5630 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux en relation avec la construction des nouvelles infrastructures de traitement des déchets organiques du Syndicat intercommunal «Minett-Kompost»

Rapport de la Commission de l'Environnement

» M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 1997, mat der Abetribnam vum sou genannten „Minett-Kompost“ zu Monnerech, ass deen éischte regionale Kompostcenter hei am Land ageriicht ginn. Dëst war a Saache Recycléiere vun organeschem Hausmüll e Meilesteen am Offallkonzept vu Lëtzebuerg. De Syndicat Minett-Kompost begräift säit 1999 22 Gemengen, dat sinn: Bascharage, Beetebuerg, Kënzeg, Conter, Déifferdeng, Dippech, Diddeleng, Esch/Uelzecht, Fréiseng, Habscht, Keel/Téiteng, Leideleng, Monnerech, Nidderaanwen, Péiteng, Reckeng, Réiser, Rëmeleng, Sandweiler, Suessem, Schëffleng a Schëtter.

Op den 1. Januar 2006 huet de Minett-Kompost 171.420 Leit desservéiert. Am Joer 1994, wéi d'Offallgesetz gestëmmt ginn ass, hunn nach 44% vum Haushaltsmüll aus organeschen Undeeler bestanen, dat waren 108 Kilogramm pro Awunner pro Joer. An der Zwëschenzäit sinn hei am Land eng Partie Kompostanlagen a Betrib gaangen an traitéieren haut 45.000 Tonnen organeschen Offall.

Deementspriedend weise rezent Analysen iwwert déi gro Drecks-këschten eng Baisse vun organeschen Undeeler vun ëm déi 26% an dësen Drecks-këschten, dëst duerch d'Atéiere vun ëmmer méi gréngen Drecks-këschten, wou bei der grénger Biotonn d'Taxen och méi bëlleg si wéi bei der groer Drecks-këscht.

D'Anlag vum Minett-Kompost zu Monnerech var 1993 fir eng Capacitéit vun 20.000 Tonne pro Joer gebaut ginn. No der Ver-

gärung gëtt de fäerdege Kompost erëm un d'Haushälter verdeelt a verkaaft, fir esou erëm an de Biokreeslaf eranzekommen.

Duerch dee grouse Succès vum Minett-Kompost sinn ëmmer méi Quantitéiten ugefall, esou dass ab dem Joer 2000 d'Capacitéiten net méi duergaange sinn. Aus deem Grond huet an deene Joren 2000 bis 2005 en iwwerschëssege Biomüll vun 30.851 Tonnen an d'Ausland gefouert misse ginn. Dat Ganzt zu engem Käschtapunkt vun 2.054.047 Euro, wou et ausserdeem net ëmmer esou einfach ass déi entspreichend Genehmigungen dofir am Ausland ze kréien.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

Am Joer 2001 sinn Etüden ugelaft, fir de Minett-Kompost zu Monnerech duerch eng zweet Anlag ze vergréisseren. Et sinn am Ganzen aacht Varianten ënnersicht ginn.

Am Oktober 2003 huet den Ëmweltstatssekretär sech mam Minett-Kompost-Syndikat op de Bau um Minett-Kompost zu Monnerech vun enger zweeter neier Vergärungsanlag mat optimiséierter energetescher Notzung géeelegt. Dës energetesch Notzung huet dora bestanen de Methangas, dee bei dem Vergärungsprozess entsteet, an Naturgas ëmzesetzen, an dësen dann an den öffentlechen Äerdgasréseau anzespeisen.

Dësen éischte Projet an deem Sënn huet domat och de Statut vun engem nationale Pilotprojet fir Bioaspeisung an d'Äerdgasnetz.

Déi 25.000 Tonne Biooffall produzéieren 2,8 Milliounen Kubikmeter Biogas. Duerch d'Biogasopbereedung, déi sou genannten „Aufkonzentrierung“, entstinn zirka 1,7 Milliounen Kubikmeter Biomethangas pro Joer, mat engem Energiegehalt vu 17 Milliounen Kilowattstonnen, deen ënner gerengerger Form an den öffentlechen Äerdgasréseau vu Sudgaz agespeist gëtt.

Bei engem Duerchschnittsverbrauch pro Haus pro Joer vu 1.700 Kubikmeter entsprécht dëst engem Heizwäert vun circa 1.000 Haushalten, déi mat dësem ëmweltfrëndlechen an erneierbaren Naturgas gehëtzt kënne ginn. Hei ginn a Saache Klimaschutz Neel mat Käpp gemaach, well de produzéierten Naturgas aus dem biologesche Kreeslaf kënnt an domat der Kyoto-Bilanz zeguttkënnt. An aus deem Grond ass dësse Projet och Abrëll 2006 an den éischten Allocationsplang vu Kyoto mat ageschriwwen ginn, mat circa 3.200 Tonnen CO2-Ersparnis pro Joer. Dëst ass e positiven Ufank an hei ginn also a Saachen Naturschutz Neel mat Käpp gemaach an dozou wëll ech der Regierung félicitéieren am Kader vun deem Débat, dee mer elo grad de Mëtten hei gefouert hunn.

D'Käschte vun deem ganze Projet belafen sech op 23.404.673 Euro, wouvunner 2,55

Chamber TV



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Milliounen Euro an d'Realisatioun vum Aspeise vum Naturgas an den öffentlechen Äerdgasréseau investéiert ginn. Dee ganze Projet gétt am Kader vum Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Schafe vun engem Fong fir d'Protection vum Environnement zu 66% vum Stat finanzéiert. D'Partizipatioun zu zwee Drëttel vum Stat beleeft sech - op den Index vun elo - op 15.820.000 Euro an deemno brauch déi nei Anlag vum Minett-Kompost en extrat Gesetz, well de Seuil vu 7,5 Milliounen Euro iwwerschratt gétt nom Artikel 80 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 an opgrond vum Artikel 99 vun der Verfassung.

Déi zweet nei Anlag um Minett-Kompost zu Monnerech gétt fir eng Capacitéit vu 25.000 Tonne Biooffäll pro Joer gebaut an domat geet d'Gesamtcapacitéit vum Minett-Kompost op 45.000 Tonne pro Joer. D'Vergärungsanlag funktionéiert duerch eng hydraulesch Tëschelagerung an d'Fermentatioun beleeft sech op zwou bis dräi Wochen an dobäi erhëtzt de Biomüll sech op bis zu 60 Grad Celsius. De Biomüll gétt hei aerob hydrolyséiert a biologesch gehëtzt. Fir eng vollständneng Hygieniséierung vum Kompostmaterial ze erreechen a fir all Bakterien ze eliminéiere gétt dat ganz Material nach zousätzlech op 70 Grad Celsius erhëtzt duerch eng Holzhackschnitzelanlag mat enger Leeschtung vun 800 Kilowatt.

Dëst huet en duebele positiven Effekt op d'Bedreiwe vun der Anlag, esou gétt den Heckenoffall maximal an der Holzhackschnitzelanlag verschafft, en contrepartie verleeft de Vergärungsprozess an der eigentlecher Anlag mat Biomüll a Grasoffall méi séier, dat heescht méi effizient. Domat ass et méiglech kontinuëierlech Naturgas ze produzéiere fir an d'Äerdgasnetz. Dëst ass also eng ideal Konstellatioun duerch d'Asetze vu moderner Technik am Sënn vun engem effiziente Klimaschutz. Fir ze verhënneren, dass d'Anlag no bausse schlecht richt, gétt hei déi ganz Vergärungsanlag loftdicht ofgekapselt a mat Biofilteren équipéiert. Mat där neier Vergärungsanlag ass et méiglech ronn 7.000 Tonne Kompost hierzustellen. Den entstehende Biokompost gétt op en Duerchmiesser tëschent 10 a 60 Millimeter gehäckselt.

De Moment schaffen op der aktueller Anlag beim Minett-Kompost zu Monnerech zéng Leit. Duerch de Projet vun haut kommen nach eng Kéier dräi bis fënnef Leit dobäi. Wann d'Aarbechten zu Monnerech Enn 2007 ugoe kënnen, da kann een dovun ausgoen, datt déi nei Biomethanisatiouns-anlag fir de Minett-Kompost Enn 2008 a Betrib goe kann.

Nach ee Wuert zu de Biogasanlagen hei am Land, wou am Kader vun dësem Projet driwwer geschwat ginn ass. Et muss ee soen, dass weder d'Biogasanlag zu Réiden nach eng aner Anlag hei am Land konzéiert sinn, fir Haushaltsbiomüll an Heckeschnëtt ze verschaffen a scho guer net nom Prinzip vun der direkter Aspeisung vu Biogas an den Äerdgasréseau funktionéieren. Hei soll een also net verschidde Saache matenee vergläichen.

Här President, de Projet de loi ass den 8. November 2006 déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 30. Januar 2007 ofginn. An der Ëmweltkommissioun ass mäi Rapport zu dësem Projet de loi de 14. Mee 2007 unanime ugeholl ginn. Domadder bieten ech lech der Partizipatioun vum Stat un enger Biomethanisatiouns-anlag vun organeschem Müll um Minett-Kompost zu Monnerech an der Héicht vu 15.820.800 Euro zouzestëmmen. Ech ginn domat schonn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Däerf ech bei därselwechter Geleeënheet de Kollege soen, dass mer nach e puer Riedner agedroen hunn, an dass ee kann domat rechnen, dass mer esou Véirel vir aacht fäerdeg sinn.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Ech gi mech gutt drun, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank - wéi dat traditionell esou ass - dem Roger Negri fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci ze soen. Dëse Projet ass, wéi ugedeit ginn ass, e weidert Element op dem nohaltege Wee, also e Maillon op enger laanger Ketten, dee sech an de Kyoto-Protokoll areit. Et geet em déi staatlech Bedeelegung bei dem Finanzement vun enger neier Installatioun op dem Site vum Minett-Kompost zu Monnerech, an dat am Zesummenhang mat dem Traitement vun organeschen Offäll.

Do hu mir zwou Technologien, déi um Marché bekannt sinn: D'Kompostéierungs-anlag, dat ass e biologesche Prozess mat Sauerstoff, a mir hunn een duerch d'Vergärung, dat ass e Prozess ouni Sauerstoff.

Béid Methoden erlaben awer, datt mer eisen ugeliwwerte gréngen Offall ëm 40% reduzéiere kënnen. Interessant ass awer d'Ausso, dass am Joer 1994 festgestallt ginn ass - also virun 13 Joer -, dass mer bei der Etüd vun de Biotonnen do nach 108 Kilogramm grénge Müll pro Awunner an engem Joer haten.

Zéng Joer méi spéit, obscho munches an d'Wee geleet gi war, fir d'Leit ze sensibiliséieren, hate mer der nach ëmmer 80, also ronn nëmmen 28 Kilo manner. Dat beweist ganz einfach, dass mer nach vill u Sensibiliséierung maache mussen, fir d'Leit op de Wee matzehuelen, dass se hir Schuelen an hire Geméisoffäll net einfach an d'Poubelle werfen, mä au contraire an d'gréng Tonn.

D'Anlag vum Minett-Kompost war gebaut gi fir 20.000 Tonnen am Joer. Et ass och festgehal ginn, dass den ugeliwwerten organeschen Offall ganz ënnerschiddlech ass. Dee loung entweder bei 64% oder 78% an et gouf och Grasschnëtt an Hecken- a Bamschnëtter ugeliwwert. Dat heescht de Bedreier vun der Anlag wousst ni genee wat ugeliwwert ginn ass an domat konnt déi Qualitéit och ni optimiséiert ginn.

An de Joren 2000 bis 2005 ass méi Material ugeliwwert gi wéi kompostéiert konnt ginn, an dat ass an d'Ausland gefouert ginn. Dat ass wuelverstanen net ekologesch an eng onglécklech Tatsaach, well den Transport jo Geld kascht huet.

Et loung op der Hand, datt de Bedreier d'Anlag vergréissere wollt fir hei am Land den Dreck ze verschaffen. Et ass sech géeenegt ginn op eng weider Fermentatiouns-anlag, wou soll...

» **M. le Président.** - Här Oberweis, erlaabt Der just, datt ech lech ee Moment ënnerbrieren?

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Jo.

» **M. le Président.** - Ech kréie vum Greffe signaléiert, dass bei deem Vote vun där Motioun virdrun e Problem mam Système informatique war, an dass mer dee Vote widderhuele mussen.

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Da maache mer dat.

» **M. le Président.** - Ech wollt de Kollegen dat soen, fir dass keng Malentendué sinn. A wann den Här Oberweis d'accord ass, da kënnen mer dat direkt maachen.

(Interruption)

» **Une voix.** - Wat ass dat do fir ee Gedeessem? Ass et net méi einfach, wa mer et no dem Här Oberweis senger Ried maachen?

» **M. le Président.** - Oder no der Ried vum Här Oberweis géing ech lech da proposéieren, dass mer dee Vote widderhuelen. Entschëllegt, Här Oberweis, datt ech lech ënnerbrach hunn.

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Neen, Här President, dat ass guer näischt.

Ech hat gesot: Mir hunn domat missen an d'Ausland fueren an duerno ass och bekannt gemaach ginn, dass mer hu missen déi Anlag vergréissere. Een neie Wee war du ganz kloer - no längeren Diskussiounen -, dass mer eng weider Fermentatiouns-anlag baue géingen, wuelverstanen awer wou dee produzéierte Biogas no enger Purifikatioun als Methan an den Äerdgasréseau vum Sudgaz abruecht gétt.

Et ass och hei gesot gi wéi vill do produzéiert gétt - ech wëll dat awer ganz kuerz nach eng Kéier opgräifen. Dës Quantitéit, ëmmerhin 1,65 Millioun Kubikmeter Methan, genee de Verbrauch vun 1.000 Haushalter, erlaabt, dass 3.200 Tonnen CO₂ agespuert kënnen ginn.

Mir mierken also ganz gutt, och kleng Elementer kënnen eis hëllefen, richteg Schrëtter op dem Wee vum Kyoto-Protokoll ze goen.

Dat ass wuelverstanen gréngen Äerdgas, mä mer mussen oppassen, dat ass nach eng kleng Quantitéit. Vlächcht kann een dëse Projet och dann als Ukuerbelungsprozess huele fir de Projet vu Kielen, wou och engagéiert Baueren iwwert de Fermentatiounsprozess Äerdgas an den Äerdgasréseau aspeise wëllen. Do sollen et zwou Millioun Kubikmeter Biogas sinn.

Maache mer eis awer näischt vir, dës Quantitéit ass nëmmen eng Drëps op de waarme Steen, wann ee bedenkt, dass hei am Land am Joer 1,3 Milliarde Kubikmeter verbraucht ginn, déi dann awer aus Géigende kommen, déi politesch onsécher sinn.

Fir dass weider Projekte wéi dësen oder anerer duerchgeféiert kënnen ginn, mussen mer awer niewent den Investitiounshëllefe kloer an däitlech e Message u d'Regierung ginn, dass de Feed-in-Präis erhéicht gi muss, well nëmmen esou kënnen Anlagen sech och da laangfristeg ekonomesch droen.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Et ass och vun de Biogasanlagen hei am Land geschwat ginn. Mir sollen och doriwwer houfreg sinn, datt ons Baueren dee Schrëtt scho gemaach hunn. Mir hunn et virdruesot, d'Baueren hunn zwee Bee mëttlerweil: d'Nahrungsmëttelproduktioun an och d'Bereetstelle vun Energie. Et sinn am leschte Joer 22 Millioun kWh produzéiert ginn, dat si schonn ëmmerhin 10% vum grénge Stroum hei am Land. A wa mer dee selwer kafe bei ons doheem, dann ënnerstëtze mer jo och déi ganz lwwerleeungen dobaussen am Land.

Et ass och hei gesot ginn, dass ons Verwaltunge mëttlerweil géifen op aner Autoen ëmklammen. Ech denken och, Äerdgasautoen, déi aus deem Réseau kënnte gespeist ginn, sinn dee richtege Wee.

Wa mir awer wëlle méi onofhängeg gi vun de Lieferante vu fossilen Energieträgeren, da mussen mir déi fënnef Punkten, déi d'Europäesch Unioun op hirem Sommet den 8. an den 9. Mee festgehalen huet, ganz kloer behäerzen.

Vlächcht nach e leschten Aspekt, dee mer hei wierklech ganz interessant ze si schéngt: Wa mir Äerdgas wéi bis elo aus Russland, Algerien oder weess Gott wou heihinner bréngen, da mussen mer dovun ausgoen, dass vun 100 Euro 80 Euro an de Förderlänner bleiwen an nëmmen 20 Euro hei ëmgesat ginn. Ëmgedréint awer, wa mer den Äerdgas hei herstellen, wuel a klenge Mengen, da bleiwe vun 100 investéierten Euro der 80 hei am Land an 20 ginn der iwwert d'Grenzen. Doriwwer eraus kënnen mer eng sëllechen Aarbechtsplaze schafen.

Zum Schluss vu mengen Ausféierunge wëll ech nach drop hiweisen, dass d'Ausféierungsbestëmmunge vun deem nationale Plang fir Offäll aus dem Joer 2000 nun dach eng Kéier mussen op de Leescht geholl ginn. Vlächcht kann eis och de Minister eppes dozou soen, well ëmmerhi ginn d'Traimentstechnologien dobausse rasant virun. Do bleift näischt stoen, d'Ingenieuren entwéckele permanent nei Technologien.

Vlächcht wier et och ganz gutt, wa mer en „ronnen Dësch“ géife bereetstellen, fir all d'Akteure vum Terrain, souwuel de SIDEC,

de SIDOR an all déi aner beieneenze-bréngen fir emol eng Linn an dat Ganzt ze kréien, well an deem klenge Land, an deem mer hei liewen, do muss een net onbedéngt dräi grouss Deponien an eng Verbrennungs-anlag hunn. Vlächcht kënnen mer laangfristeg nei Weeër goen.

Wa mir wëllen, dass d'Leit déi 80 Kilogramm gréngen Offall am Joer dach reduzéiere sollen, da mussen mer ganz einfach nei Weeër opzeechnen an déi Weeër gi vun der CSV ënnerstëtzt.

Ech bréngen den Accord eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Oberweis.

Ech wollt de Kollege soen, dass de Service informatique versicht de Fichier vum Vote virdrun ze récupéieren. En attentand ginn ech dann dem Här Goerens d'Wuert fir d'demokratesch Fraktioun.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Nodeem ech de Rapporteur an och den Här Oberweis héieren hu fällt et mer ganz schwéier, fir mer nach en Argument afalen ze loossen, wat fir de Projet plädéiert, esou dass ech géing virschloen, mir sollen esou séier wéi méiglech dee Projet sengem verdéngte kréinenden Ofschloss zouféieren an doriwwer ofstëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Nächstes ageschriwwene Riedner ass den Här Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

» **Une voix.** - Ech hat gemengt, et wär u mir.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Et wier ganz vill zu dësem flotte Projet ze soen - ech probéiere mech awer och ganz kuerz ze halen.

Wann een d'Chiffere gesäit, da kann ee wierklech soen: Et ass net deen allerbëllegste Projet. Ech wëll awer ze bedenke ginn, dass en an zwoufacher Hisiicht e Pilotprojet ass. Éischtens ass et fir d'éischt, dass eng Vergärung vu Biooffäll aus dem Haushalt an deem Ausmooss, an deem Tonnage zu Lëtzebuerg geschitt. An et ass zweetens och e Pilotprojet, wat d'Aspeisung vu Biogas an d'Äerdgasnetz ubelaangt. Ech mengen, och an där Hisiicht ass et e Pilotprojet, an duerfir schéngt et mer relativ normal ze sinn, dass do vlächcht déi spezifesch Käschte méi héich sinn, wéi wann een elo an enger absolut erproufter Technologie wier.

Déi Gréng sinn awer der Meenung, dass mer grad esou Projeten och zu Lëtzebuerg brauchen, wa mer an Zukunft wëllen den Internet vun der Energie opbauen. Hei ass erëm e flotten Akteur, deen natierlech selwer Energie verbraucht, mä deen der selwer och kann aspeisen. Dat sinn déi konkret Beispiller.

Vlächcht just zwou Remarqué méi allgemenger Natur. Et ass e bësse schued, dass de Minett-Kompost net geographesch deckend ass mam SIDOR. Elo riskéiere mer, dass eng Rei méi kleng Gemengen tëschent Minett-Kompost, Stad Lëtzebuerg a SICA eventuell wäiss Flecke bleiwen. Ech mengen, dass dat ënner anerem ee vun de wichtege Punkten ass, wou mer am neie Plan national des déchets mussen driwwer nodenken, wéi mer déi Saach an de Grëff kréien.

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, fir de Minister ze froen, wou mer an Tëschenzäit mat deem Plang dru sinn, a fir him dann och ze suggéieren, vlächcht méi regelméisseg dat existent Gremium ze gebrauchen, wat mer eigentlech hunn.

Här Oberweis, vlächcht fir lech op Är Suggestioun ze äntwerte vun „ronnen Dësch“: Et ass am Offallgesetz en „ronnen Dësch“ virgesinn, deen eigentlech zweemol d'Joer sollt - wann net souguer misst - zesummekommen, tëschent den Hauptakteuren am Offallberäich. Dat huet emol a gewësse Legislaturperiode besser fonctionnéiert wéi an där leschter an an dëser. Duerfir géing ech suggéieren, dass mer do emol vlächcht erëm méi regelméisseg zesummekéimen.

Fir de Rescht kann ech lech assuréieren, dass informell Koordinatiounen sinn zu-

mindest tëschent de Presidente vun deenen dräi grouesse Syndikater. Un eis soll et net leien, fir eng national Léisung ze sichen.

An eng lescht Bemierkung. Ech hat d'ëi-nescht gesot, ech kéint e Buch schreiwen iwwert d'Obstruktioun vum Innenministère, wat d'Engagementer vun enger Gemeng am Beräich alternativ Energien, sinn. Ëmsou méi muss ech ganz ëierlech soen, dass ech hei erstaunt sinn, dass en Innenminister engem Syndikat eng Genehmegung gëtt, fir e Projet ze maachen, vun deem en net weess, wat herno déi finanziell Retombéeë sinn. Well hei kritt jo e Syndikat d'Autorisation anzespeisen an en Äerdgasnetz, wou mer nach keng Base léigale hunn a wou kee Mënsch de Präis weess.

Ech kann dann nëmmen d'Konklusioun zéien, datt an der Rue Beaumont net nëmme systematesch Obstruktiounspolitik gemaach gëtt. Heiansdo sinn och Leit bereet iwwer hire Schiet ze sprangen. Wann och nach ee mer kéint d'Logik aus der Rue Beaumont erklären, da wier ech dankbar.

Merci.

(Interruptions)

» Une voix.- Wou ass d'Rue Beaumont?

» M. le Président.- Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Mehlen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Ech wëll am Ufank soen, datt dee Projet hei grondsätzlech an déi richteg Richtung geet. E läit och op der Linn vun eise Offallgesetz, wat seet: Vermeiden - dat léisst sech net ëmmer erreechen -, mä virun allem verwäerten, wou et nëmme geet.

Mir wëssen, datt déi organesch Fraktioun an eise Offall e ganz groussen Deel duerstellt - ronn 45% -, an datt mer absolut op der rechteger Schinn leien, wa mer probéieren, deen energetesch richteg ze notzen. Dat war bis elo net de Fall, well de Compostage an där Bezéiung näischt bréngt. Bei der Kompostéierung fält vill CO₂ un, an dat wëlle mer net méi. Et fält Wäermt un, déi mer net kënnen notzen; et sief dann, et géing ee Wärmeschlaangen draleeën, an dat géing relativ opwändeg ginn, well déi Matière muss jo dauernd ëmgesat ginn.

Duerfir geet et grondsätzlech an déi richteg Richtung. Just stelle sech awer an deem Zesummenhang e puer Froen. Hei gëtt fir d'alleréischte de Gas, deen entsteet, net iwwer e Motor verwäert, wou Elektresch a Wäermt entstinn, déi een natierlech allebéid notze kann, mä hei soll direkt agespeist ginn.

Mir hunn elo grad héieren, datt déi 2,8 Milliounen Nm³ globale Biogas, déi hei ufalen, vereedelt ginn, wann ech emol esou däerf soen. Dat heescht, dat, wat net brennbar ass, gëtt erausgefiltert, wat net einfach ass, esou datt 1,7 Nm³ Milliounen iwwreg bleiwen.

An do stellt sech eng grondsätzlech Fro. Ech hu mech mat engem Här ënnerhalen, dee sech de Moment ganz intensiv wëssenschaftlech mat där ganzer Entwécklung vun der biologescher Energiewirtschaft hei auserneesetzt an dee sech eigentlech d'Fro stellt, woufir datt mer wëllen dee Biogas vereedelen, dee mer produzéieren.

Wa mer op där Schinn virufueren, da ginn dat herno jo vill méi grouss Quantitéite wéi elo. Dat heescht, den Undeel vum Biogas um gesamte Gas, deen herno verwäert gëtt, deen hält ëmmer méi zou. Mir hunn eis als Linn gesat, de Biogas erop ze vereedelen op d'Qualitéit vum Äerdgas, wat awer laut den Aussoe vun dësem Expert net onbedéngt néideg wär, well e praktesch integral als Verbrennungsgas genotzt gëtt, wou déi héich Qualitéit absolut net noutwendeg wär, wou ee souguer kënnt op den Niveau vum fréiere Stadgas goen.

Dat heescht, mir leeën eis hei onnëtzerweis d'Lat héich, wat ganz ganz vill Geld kascht, fir herno e Gas ze hunn, dee méi eng héich Konzentratioun huet, wat eis awer leschten Enns net vill abréngt. Dat wär op jidde Fall emol eng Iwwerleeung, déi een an der Zukunft misst féieren, ganz besonnesch am Zesummenhang mat der Diskussioun, déi mer elo amgaange sinn ze féieren iwwert de Projet 5606 vum Gasgesetz.

Dat anert ass, datt dat hei e ganz héije Käschtepunkt duerstellt, wann een et mat

private Vergärungsanlage vergläicht. Mir wëssen, datt de Stat an d'Gemengen normalerweis net bëlleg bauen. Mir wëssen awer och, datt hei eng Partie aner Contraintë mat drunhänken.

Ënner anerem wäere mir grondsätzlech dofir, datt een dat soll an dezentralen Anlage verschaffen. Mir wëssen awer, datt de Problem vun der Hygieniséierung sech dee Moment stellt, wou Offäll aus Haushalter an och nach vläicht Schluechtoffäll an esou weider dobäikommen. An d'Hygieniséierung, déi wäert sech wahrscheinlech a méi klengen dezentralen Anlagen net esou gutt maache loossen. Trotzdeem musse mer eis iwwerleeën net ze vill ze zentraliséieren, well mer erëm relativ vill Energie brauchen, fir alles zesummenzeféieren. A wann et dann herno grouss Quantitéite sinn, déi erëm müssen erausgefouert ginn, deelweis an d'Landwirtschaft, fir do verwäert ze ginn, da musse mer den Trajet nach eng kéier maachen.

Dat sinn déi Bedenken, déi mir eigentlech bei dësem Projet hunn. Trotzdeem wëll ech hei grondsätzlech eisen Accord ginn, a mir wäerten de Projet duerfir och stëmmen.

» M. le Président.- Merci. D'Riednerlëscht ass elo ofgeschloss. D'Regierung huet d'Wuert, wann se wëllt.

» M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.- Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech wëll fir d'éischt der Kommissioun an och dem Président-rapporteur Merci soe fir déi schnell Aart a Weis wéi mer dëse Projet behandle konnten: Dépôt den 8. November 2006, haut de Vote. Ech mengen, dat ass eng gutt Aart a Weis gewiescht, fir och dem Syndikat an de Gemenge Sécherheet ze ginn, eng Planungssécherheet an och eng finanziell Sécherheet fir dee Projet, dee mer hei maachen. Den innovative Charakter vun dësem Projet ass, mengen ech, vun alle Säiten hei unerkannt ginn, wat de finanziellen Apport vum Stat an där heite Fro och rechtfertegt.

Ech mengen, dass mer niewent der Kommissioun hei am Haus och dem Syndikat, de Gemengen, dem Comité d'accompagnement an der Madame Liette Mathieu - ganz speziell fir de Pilotage vun deem Projet hei bis elo zur Exécution, an déi mer elo endlech kënnen antrieden - Merci kënne soen.

Mir hunn de Mëtteg bei der Klimaschutzdebat gesot, dass d'Klimaschutzpolitik ee Bueren ass u ganz décke Brieder, an et gëtt kee Coup de baguette magique, mä et muss een u ville Schrauwen dréinen, et muss ee vill Tonnen dorëmmer siche goen, fir zu engem Zil ze kommen. Dat hei ass och en Apport, deen net riseg ass - sécherlech -, mä deen, mengen ech, fir d'Zukunft enger neier Technologie och Méiglechkeete gëtt, wou ech déi Suggestiounen, déi hei gemaach ginn, och gäre mathuelen.

Et ass nach eng prezis Fro gestallt ginn - vum Kolleeg Camille Gira, mengen ech war et - iwwert den nationale Plang vun den Déchets, wou mer jo an der Revisioun mat dra sinn. En éischte Workshop oder ech mengen zwee Stéck hunn an deem Zesummenhang scho stattfonnt. Mir hunn en éischten Tëschebericht vun engem neie Plang am Moment um Internetsite stoen, fir och do d'Suggestiounen vun interesséierten Akteuren, mä och vun alle Bierger dobassen entgéintzuhuelen. Eng Rei vu Contributiounen hu mer kritt. Ech mengen, déi müssen da gekuckt a verwäert ginn. Ech ginn dovun aus, dass mer dann am Hierscht an déi definitiv Phas erakommen, fir dass mer en definitive Projet bis Enn dës Joer hunn, fir dee wichtege Bestanddeel do an och fir Innovatiounen an dem Beräich vun der Offallpolitik zu Lëtzebuerg do kënne mat eranzehuelen.

Fir de Rescht, Merci der Chamber fir déi schnell Bearbechtung vun dësem Projet.

» M. le Président.- Merci. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5630. Den Text vum Projet befënnt sech am Dokument 5630⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5630 ass à l'unanimité mat 57 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marc Spautz), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Thiel), Norbert Hauptert (par Mme Christine Doerner), Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Gilles Roth), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme

Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Sauber), MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Ali Kaes) et Michel Wolter (par Mme Sylvie Andrich-Duval);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par M. Paul Helminger), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur) et Claude Meisch;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M.

Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da wollt ech lech soen, dass mer um Enn vun eiser heiteger Sitzung ukomm sinn. Déi nächst Sitzunge sinn den 13. an de 14. Juni.

» Une voix.- An dee Vote vu virdrun?

» M. le Président.- Deen ass an der Rei.

D'Conférence des Présidents wäert en temps utile den Ordre du jour proposéieren an en lech zoukomme loossen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.37 heures)

Sommaire des séances publiques

Communications page 383

Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés page 383

Ordre du jour page 383

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°190 du 22 mai 2007 de M. Gilles Roth relative à la création éventuelle d'un registre des procédures d'autorisation en matière de PAP tel que préconisé par le Conseil économique et social dans son avis sur l'évolution économique, sociale et financière du pays 2007, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire pages 383-384

- Question N°191 du 21 mai 2007 de Mme Anne Brasseur relative aux décodeurs numériques, adressée à M. le Ministre des Communications page 384

- Question N°192 du 21 mai 2007 de M. Roger Negri relative au dépistage systématique de l'ostéoporose, adressée à M. le Ministre de la Santé pages 384-385

- Question N°193 du 22 mai 2007 de M. Jean Huss relative à la vaccination HPV (les papillomavirus humains), adressée à M. le Ministre de la Santé page 385

- Question N°194 du 22 mai 2007 de Mme Nancy Arendt relative au contrôle des prestations fournies dans les centres intégrés pour personnes âgées (CIPA) ou dans les maisons de soins prises en charge par l'assurance dépendance, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 385

- Question N°195 du 22 mai 2007 de M. Claude Meisch relative à une modification de la législation sur l'aménagement du territoire, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire pages 385-386

- Question N°196 du 21 mai 2007 de Mme Lydie Err relative à la ratification de la Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains, adressée à M. le Ministre de la Justice page 386

- Question N°197 du 22 mai 2007 de M. Claude Meisch relative à la promotion des initiatives privées dans le domaine de la famille et de l'égalité des chances, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration page 386

- Question N°198 du 21 mai 2007 de M. Ben Fayot relative aux démarches de la Présidence allemande en matière de libéralisation des services postaux, adressée à M. le Ministre des Communications page 387

Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de l'attitude des autorités politiques polonaises à l'encontre du député européen Bronislaw Geremek pages 387-389

Heure d'actualité demandée par le groupe CSV au sujet des jeux de hasard pages 389-392

5660A - Projet de loi portant modification

1) de la loi du 13 novembre 2002 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un État membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant: 1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés;

2) de la loi modifiée du 29 avril 1980 réglant l'activité en prestations de service au Grand-Duché de Luxembourg des avocats habilités à exercer leurs activités dans un autre État membre des Communautés européennes;

3) de la loi modifiée du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés

et

5411 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat, et transposant certaines dispositions de la Directive 2003/8/CE du Conseil du 27 janvier 2003 visant à améliorer l'accès à la justice dans les affaires transfrontalières par l'établissement de règles minimales communes relatives à l'aide judiciaire accordée dans le cadre de telles affaires pages 392-395

Débat de consultation sur les réflexions et propositions du Gouvernement au sujet des mesures destinées à réduire les effets engendrés par le changement climatique

et

Interpellation de M. Robert Mehlen au sujet des mesures visant à réduire les émissions de gaz à effet de serre et des stratégies de prévention et de limitation des dégâts que va générer le changement climatique pages 396-410

Ordre du jour page 407

Motion au sujet du système de perception tarifaire électronique eGo pages 410-412

Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux en relation avec la construction des nouvelles infrastructures de traitement des déchets organiques du Syndicat intercommunal «Minett-Kompost» pages 412-414